

De Reider

vun der Noumer Gemeng

N° 3 / 2026

Sommaire

- S. 4 **Gemeng, Kommissiounen,
Syndikater**
- S. 24 **Veräiner a Leit**
- S. 38 **Schoul, Maison relais a
Crèche**
- S. 47 **Agenda**



Informationsblat vun der Gemeng Noumer N° 3/2026

Editeur:

De Schäfferot vun der Noumer
Gemeng

Redaktioun:

Gemeng Noumer

Gestaltung:

Yannick Zuidberg

Drock:

Autisme Luxembourg asbl
Papier Circle Offset, besteet zu 100% aus
recycléiertem Pabeier

Déi nächst Editioun vum Reider:

Viraussichtlech Enn Dezember 2026

Léif Biergerinnen a Bierger,



Mir sinn elo schonn am September ukomm an esou lues geet e weidert Joer op säin Enn zou. Fir déi eng heescht dat, datt d'Joer scho bal eriwwer ass, fir déi aner awer och, datt eng nei Etapp ufänkt. Ech denken hei virun allem un d'Kanner a Jugendlech, fir déi mat deem neie Schouljoer en neit Kapitel ufänkt: eng nei Klass, eng nei Schoul oder vläicht esouguer eng ganz nei Etapp an hirem Liewen. Esou e Wiessel ass ëmmer e Moment vu Verännerung an Opreegung – net nëmme fir d'Kanner, mee och fir d'Elteren.

Hannert eis läit e Summer, deem eis wuel nach eng Zäit an Erënnerung wäert bleiwen. Déi vill Hëtztwellen an déi laang Drécheperiod hunn eis nach eng Kéier gewisen, datt mir eis op verschidde Situatioune mussen astellen an och méi bewosst mat eise Ressourcen ëmgoe mussen.

Ech sinn dowéinst frou, datt mir während der ganzer Period, wou et esou waarm an dréche war, alleguer gutt op eist Drénkwaasser opgepasst hunn. Vill Privatleit hunn eis Zapstell hei zu Noumer genotzt, fir doheem hir Blummen a Planzen ze nätzen, wat eis gehollef huet, eist Drénkwaasser ze schounen. Trotz der laanger Drécheperiod hate mir de ganze Summer iwwer genuch Drénkwaasser a sinn net an d'Laberente komm. Dat weist eis engersäits, datt déi vill Zäit an déi finanziell Mëttelen, déi mir an de leschte Joren an eist Waassernetz investéiert hunn, sech lues a lues bezuelt maachen. Anerersäits huet et awer och gewisen, datt Dir, Léif Biergerinnen a Bierger, ganz verantwortungsvoll mat dëser wäertvoller Ressource ëmgaange sidd. Dofir e grouse Merci un lech alleguer.

Gläichzäiteg sinn ech immens frou, datt mir während dëser laanger Drécheperiod vu méi grouse Bränn an eiser Gemeng verschount bliwwen sinn. Dat ass net selbstverständlech. Dofir wëll ech op dëser Plaz dem CIS Noumer e ganz härezeche Merci ausschwätzen. Si sinn zu all Auerzäit bereet, fir am Noutfall anzesprangen an eis Biergerinnen a Bierger ze schützen. Hiren Asaz an hir Bereetschaft si fir eis Gemeinschaft vu grousser Bedeitung.

Wann de Reider bei lech ukënnt, wäerten d'Aarbechte fir den neie Gemengenatelier um Terrain schonn ugefaangen hunn. D'Firma Kisch wäert mam Terrassement ufänken an duerno och de Réibau iwwerhuelen. De Projet vum neie Gemengenatelier huet an eiser Gemeng eng laang Geschicht a geet zeréck op déi éischt Iwwerleeungen am Joer 2013. Iwwer d'Jore goufe verschidde Standuerter analyséiert, bis mir eis schlussendlech fir dëse Standuert entscheet hunn. Nodeems elo och déi néideg Geneemegunge virleien, kënnen mir endlech mat de Bauarbechten ufänken. Fir de Bau si ronn zwee Joer virgesinn. Ech sinn awer och ganz gespaant, ob dësen Zäitplang esou agehale ka ginn. An deenen nächste Reider-Ausgabe wäerte mir lech reegelméisseg iwwer de Fortschrëtt vum Projet informéieren.

Sophie Diderrich
Buergermeeschtesch

Gemeng Noumer

Telefonzentrale / Standard téléphonique

83 73 18 - 200

Adresse

31, rue Principale
L-7465 Nommern

E-Mail Adresse / Adresse électronique

commune@nommern.lu

Einwohnermeldeamt

Bureau de la population

population@nommern.lu

Öffnungszeiten

Heures d'ouverture

lundi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 18:00
mardi & jeudi (sur rdv)**	8:00 - 11:30	joignable par tél. telef. erreichbar
mercredi (sans rdv)*	8:00 - 11:30	14:00 - 16:00
vendredi	fermé	fermé

Dienstags und donnerstags sind wir zudem von 14:00 - 16:00 Uhr telefonisch erreichbar. En outre nous sommes joignables par téléphone de 14:00 - 16:00 les mardis et jeudis. Bei einem Todesfall freitags, an Wochenenden und Feiertagen können Sie folgende Nummer anrufen : 83 73 18 - 800

En cas d'un décès le vendredi, pendant les weekends et jours fériés vous pouvez appeler le numéro suivant : 83 73 18 - 800

Gemeindesekretariat

Secrétariat communal

Laurent Reiland Tel.: 83 73 18 - 210
secretariat@nommern.lu

Isabelle Lanners Tel.: 83 73 18 - 215
isabelle.lanners@nommern.lu

Carole Risch Tel.: 83 73 18 - 211
carole.risch@nommern.lu

Carine Schilling Tel.: 83 73 18 - 205
carine.schilling@nommern.lu

Yannick Zuidberg Tel.: 83 73 18 - 207
yannick.zuidberg@nommern.lu

Gemeindekasse

Recette communale

Nathalie Hallé Tel.: 83 73 18 - 220
recette@nommern.lu

lundi (sans rdv)* 8:00 - 11:30 14:00 - 18:00
mercredi (sans rdv)* 8:00 - 11:30
jeudi (sur rdv)** 8:00 - 11:30

Technischer Dienst

Service technique

Mike Scholtes Tel.: 83 73 18 - 250
technique@nommern.lu

Etienne Bayenet Tel.: 83 73 18 - 230
etienne.bayenet@nommern.lu

Natascha Kridel Tel.: 83 73 18 - 240
natascha.kridel@nommern.lu

Guy Seil Tel.: 83 73 18 - 801
guy.seil@nommern.lu

lundi (sans rdv)* 8:00 - 11:30 14:00 - 18:00
ou sur rendez-vous

Während der anderen Bürostunden ist der technische Dienst telefonisch erreichbar. Pendant les autres heures de bureau, le service technique peut être contacté par téléphone.

Schöffenkollegium

Collège des bourgmestre et échevins

Wir bitten Sie, Termine telefonisch beim Gemeindesekretär zu beantragen. Nous vous prions de bien vouloir demander un rendez-vous auprès du secrétaire communal.

Gemeindeförster

Préposé forestier

Serge Colbach Tel.: 621 202 159
serge.colbach@anf.etat.lu
Termine nur auf Anfrage
Uniquement sur rendez-vous

* ohne Termin

** nur nach Terminvereinbarung

Autorisations de bâtir

Année	No.	Objet de l'autorisation	Lieu	Date autorisation
2026	19	Construction d'une maison unifamiliale en bande	15, Rue de l'Eau, L-7465 Nommern	05.06.26
2026	20	Construction d'une maison unifamiliale en bande	17, Rue de l'Eau, L-7465 Nommern	05.06.26
2026	31	Mise en place d'une fenêtre (avenant 1 à l'autorisation de construire 33/2025 du 14 juillet 2025 concernant la construction d'une maison unifamiliale)	23, Huele Wee, L-7421 Cruchten	05.06.26
2026	32	Aménagement des alentours d'une maison unifamiliale et construction d'un mur	7, Rehsemswiss, L-9184 Schronndweiler	05.06.26
2026	35	Mise en place d'une installation photovoltaïque et d'un système de stockage par batteries pour onduleur	3, Huele Wee, L-7421 Cruchten	05.06.26
2026	38	Mise en place d'une installation photovoltaïque	10, Rue Schléf, L-7420 Cruchten	05.06.26
2026	34	Construction d'une piscine, d'une construction mineure et d'une pompe à chaleur	23, Rue Principale, L-7420 Cruchten	12.06.26
2026	37	Construction d'une toiture de terrasse	9, Lengerwiss, L-9184 Schronndweiler	12.06.26
2026	36	Construction d'un mur de soutènement	29, Rue de l'Ecole, L-9184 Schronndweiler	09.07.26
2026	40	Remplacement de deux portes-fenêtres	2, Huele Wee, L-7421 Cruchten	09.07.26
2026	42	Aménagement de bureaux supplémentaires pour la mairie (transformation partielle de la salle des fêtes)	31, Rue Principale, L-7465 Nommern	09.07.26
2026	44	Mise en place d'une installation photovoltaïque	13A, Rue de la Montagne, L-7420	09.07.26
2026	52	Construction d'un hall de stockage et de surveillance pour un parc AGRI-Photovoltaïque	Rue de l'Alzette (Parcelle N°614/3149, Section D de Cruchten) L-7420 Cruchten	09.07.26
2026	43	Rénovation de la toiture d'une grange	6, Rue Giedertseck, L-9184 Schronndweiler	30.07.26
2026	45	Mise en place d'une installation photovoltaïque	20, Rue Geischleid, L-9184 Schronndweiler	30.07.26
2026	46	Remplacement des fenêtres et peinture de la façade	5, Um Aker, L-9184 Schronndweiler	30.07.26
2026	47	Mise en place d'une installation photovoltaïque	1, Rue Neuve, L-7465 Nommern	30.07.26
2026	48	Construction d'une clôture	51A, Rue Principale, L-7420 Cruchten	30.07.26
2026	49	Rénovation de la façade d'une résidence	8, Ale Wee, L-7465 Nommern	30.07.26

2026	51	Installation d'une pompe à chaleur	12, Rue de la Montagne, L-7420	30.07.26
2026	53	Mise en place d'une serre	7, Op Grisel, L-7421 Cruchten	11.08.26
2026	57	Mise en place d'une installation photovoltaïque avec batterie	13B, Rue de la Montagne, L-7420	11.08.26

Le délai de recours devant les juridictions administratives est de trois mois et court à compter de la date d'affichage du certificat aux abords du chantier. Pendant cette période, les plans afférents peuvent être inspectés au bureau de notre service technique. La date d'affichage du certificat correspond à la date d'autorisation.

Demandes d'autorisation de construire

Il est porté à la connaissance du public que la bourgmestre de la commune de Nommern a été saisie des demandes d'autorisation listées ci-après. Dans le cadre de la procédure à suivre par les administrations de l'Etat et des communes, le public peut consulter le dossier de demande au bureau de notre service technique pendant un délai de trente jours ou, dans le cas d'une demande pour la mise en place d'une installation photovoltaïque ou l'installation d'une pompe à chaleur, pendant un délai de 15 jours. Le délai respectif est indiqué dans les avis publics affichés aux abords du chantier projeté.

Année	No.	Objet de la demande	Lieu	Date avis
2026	54	Remise en état et en peinture de la façade	8, Rue Giedertseck, L-9184 Schrandweiler	24.07.26
2026	55	Construction de murs de séparation entre parcelles et d'un abri	9, Rue de la Montagne, L-7420 Cruchten	24.07.26
2026	56	Mise en place d'une toiture de terrasse	3, Huele Wee, L-7421 Cruchten	24.07.26
2026	58	Travaux de peinture de la façade et remplacement de trois fenêtres	10, Ale Wee, L-7465 Nommern	13.08.26
2026	59	Travaux de peinture de la façade	8, Rehsemswiss, L-9184 Schrandweiler	13.08.26
2026	60	Installation de deux unités extérieures de climatisation	3A, Lengerwiss, L-9184 Schrandweiler	13.08.26
2026	62	Renouvellement de la terrasse existante et murs de soutènement ainsi que construction d'un abri de jardin	au lieu-dit (Parcelle N°, Section), Parcelle N°, Section	13.08.26

Autres demandes introduites en matière d'urbanisme

Il est porté à la connaissance du public que l'administration communale de Nommern a été saisie de la demande de lotissement ci-après. Dans le cadre de la procédure à suivre par les administrations de l'Etat et des communes, le public peut consulter le dossier de demande au bureau de notre service technique pendant un délai de trente jours indiqué dans l'avis public affiché aux abords du projet.

Année	No.	Objet de la demande	Lieu	Date avis
2026	50	Projet de lotissement de la parcelle cadastrale n° 112/1581 à Schrandweiler	Rue de la Gare, L-9184 Schrandweiler	03.07.26
2026	61	Projet de lotissement de la parcelle cadastrale n° 276/2069, section -A- de Nommern	18, Rue de l'Eau, L-7465 Nommern	13.08.26

Gemengereglementer

Conformément à l'article 82 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988, la décision ci-dessous est portée à la connaissance du public :

Impositions communales

Par décisions du 3 juin 2026 le conseil communal a fixé le taux multiplicateur de l'impôt foncier pour l'année 2027, ainsi que le taux multiplicateur de l'impôt commercial pour l'année 2027. Lesdites décisions ont été approuvées par arrêtés grand-ducaux du 18 juin 2026. La publication des décisions est faite aux tableaux d'affichages officiels de la commune du 25 août au 9 septembre 2026.

Lesdits taux sont respectivement indiqués dans le tableau ci-après :

Type	Taux (%)
Impôt foncier A	325
Impôt foncier B	325
Impôt commercial	300

Les délibérations en question sont à disposition des intéressés au secrétariat communal et peuvent être consultées sur le site internet communal www.nommern.lu dans la rubrique « Citoyens / Règlements et taxes / Règlements-taxen » ou dans la rubrique « Media Centre ».

Aus Payconiq gëtt Wero

De BezuelSERVICE Payconiq gëtt an Zukunft duerch Wero ersat. Fir d'Benotzer bedeit dat wuel eng kleng Ännerung, mee de Prinzip bleift änlech: Bezuele kann ee weiderhin direkt iwwer d'Bank-App maachen.

Wero ass en europäesche BezuelSERVICE, deen et erméiglecht, Sue vun engem Bankkonto op en aneren ze iwwerweisen an och bei Händler mam Smartphone ze bezuelen. Och d'Gemengefacturen, déi aktuell per Payconiq bezuelt kënne ginn, wäerten an Zukunft och weiderhin iwwer QR-Code bezuelbar sinn, just dann eben iwwer déi nei Applikatioun.


De Wiessel vu Payconiq op Wero geschitt schrëttweis. Wéini Wero fir Iech disponibel ass a wéi d'Ëmstellung funktionéiert, hänkt vun Ärer Bank of. D'Banken informéieren hir Clienten iwwer déi jeeeweileg Schrëtt an den Zäitplang.

Bierger, déi aktuell Payconiq benotzen, müssen dofir net onbedéngt direkt eppes ännerhuelen. Et ass awer sënnvoll, d'Informatiounen vun der eegener Bank am A ze behalen an d'Bank-App reegelméisseg ze aktualiséieren.

Weider Informatiounen iwwer d'Ëmstellung kréien d'Clientë vun hirer Bank.



Aweigung Bëschkierfecht



Bëschkierfecht „Wansheck“ zu Steeën

D'Ärenzdallgemeng, d'Gemeng Fiels an d'Gemeng Noumer, an Zesummenaarbecht mat der Administration de la nature et des forêts (ANF), hunn zu Steeën e regionale Bëschkierfecht ageriicht.

De Bëschkierfecht bitt eng natierlech Form vun der leschter Rou. D'Äsche vun engem Verstuerwene kënnen hei bei engem ausgewielte Bam an d'Äerd zeréckgoen oder op enger virgesinner Wiss verstreet ginn.

Wien däerf hei bäigesat ginn?

Dës Méiglechkeet steet Persounen zur Verfügung, déi hire leschte Wunnsätz an der Ärenzdallgemeng, der Gemeng Fiels oder der Gemeng Noumer haten. Och Persounen, déi fréier an enger vun dëse Gemenge gewunnt hunn an aus gesondheetlechen oder familiäre Grënn hu misse plënnere, kënnen hei bäigesat ginn.

Käschten

Konzessioun fir 15 Joer: 200 €

Konzessioun fir 30 Joer: 400 €

Bäisetze vun den Äschen: 100 €

Versträue vun den Äschen op der Streewiss: 100 €

D'Bäisetzung si vum 1. Abrëll bis den 30. September vun 9.00 bis 17.00 Auer a vum 1. Oktober bis den 31. Mäerz vun 10.00 bis 16.00 Auer méiglech.

De Bëschkierfecht soll säin natierleche Charakter behalen. Dofir sinn individuell Dekoratiounen, Blummen an aner Géigestänn net virgesinn.

Am Fall vun engem Doud

D'Familljemembere vum Verstuerwene kënnen sech un den Etat civil vun der Ärenzdallgemeng wenden, fir d'Modalitéiten ze klären an d'Bäisetzung ze organiséieren. De Bam, bei deem d'Äsche bäigesat ginn, ka fräi ausgewielt ginn.



Restauratioun vum Kräiz vun der Kapell zu Kruuchten

D'Kräiz mat der Figur an der hëlzener Ënnerkonstruktioun war längerfristeg dem Wieder ausgesat an huet doduerch däitlech Schied opgewisen. Nieft staarker Verschmutzung waren och biologesch Spueren, Holzinsekten, Korrosioun an e puer labber Verbindungen ze erkennen.

Am Kader vun der Restauratioun goufen déi eenzel Deeler virsiichteg ofmontéiert, gebotzt a fachgerecht behandelt. D'Holz gouf géint Holzinsekten behandelt, beschiedegt Beräicher goufen stabiliséiert a feelend Deeler ergänzt. Och d'Metall- an d'Terrakottaelementer goufen gebotzt a restauréiert. D'Faarf an d'Dekoratioune goufen virsiichteg retouchéiert, ouni de Charakter an d'Originalmaterialien ze veränneren.

Duerch dës Aarbechte konnt d'Wierk stabiliséiert ginn. D'Restauratioun huet net nëmmen d'Erscheinungsbild verbessert, mee dréit och dozou bäi, datt d'Kräiz an d'Figur fir déi nächst Jore gutt erhalen bleiwen.



Eis Jubilaren



Den Ern Hansen vu Kruuchten huet säi 90. Gebuertsdag gefeiert. De 7. Juli huet den Ern Hansen vu Kruuchten am Krees vu senger Famill säin 90. Gebuertsdag gefeiert.

Eis Burgermeeschtesch Sophie Diderrich an eis Schäffen Ariane Toepfer an Nicolas Decker ware frou, seng Feier mat engem Kaddo an enger flotter Ried ze verschéineren.

Den Ern ass 1936 zu Lelleg als Bauerejong op d'Welt komm. Nodeems hien d'Ackerbauschoul zu Ettelbréck fäerdeg hat, huet hien um Haff doheem geschafft. Säi Militärdéngscht huet hien zu Dikrech an zu Bitburg absolvéiert.

Duerno huet hien d'Félicie Freimann vu Kruuchten bestuet an huet als Eedem de Bauerebetrib gefouert.

Als begeeschterte Bauer war him keng Stonn ze fréi oder ze spéit, fir op sengem Betrib eppes ëm-, un- oder auszebauen. Dauernd ass ofgerappt an nees nei, méi grouss a besser opgebaut ginn.

Sou ass den Haff ëmmer méi grouss ginn an haut däerf den Ern voller Stolz gesinn, wéi säi Liewenswierk als Biohaff virugefouert gëtt. An och elo ass hien nach frou, fir geleeëntlech do eng Hand kënne mat unzepaken.

Den Ern ass Papp vun zwee Kanner, Bopa vu sechs Enkelen an Urbopa vum Feli.

Mir wënschen him fir seng 90 alles Guddes an nach vill Jore bei gudder Gesondheet derbäi.

Hochzäiten

**Moranne Mendes
& Joé Wirtz
16. Juni 2026**



**Anne Lilison-Wagner
& Elias Lilison
19. Juni 2026**

Lynn Biver & Tom Gaspard 5. August 2026



Nei Mataarbechterin



Léif Awunnerinnen, léif Awunner,

Mäin Numm ass Isabelle Lanners, ech sinn 32 Joer al a wunnen zu Miersch. Zënter dem 1. Juli 2026 sinn ech bei der Gemeng Noumer am Asaz a freeë mech, en Deel vum Gemengenteam ze sinn.

Ech hunn d'Nofolleg vum Sabrina Nothar ugetrueden a schaffen am administrative Beräich vun der Gemeng, notamment am Bureau de la population, am État civil an am Beräich vum Quittancement.

Et läit mir um Häerz, d'Awunner kompetent, frëndlech an engagéiert ze begleeden.

A menger Fräizäit verbréngen ech gär Zäit mat menger Famill a menge Frënn a genéissen et, an der Natur ënnerwee ze sinn.


Bis geschwënn!

Isabelle Lanners

Sportskommissioun



Street-Workout 2026 organiséiert vun der Sportskommissioun Noumer



1. Training



2. Training



3. Training



4. Training



5. Training



6. Training



7. Training



8. Training



9. Training



10. Training



11. Training



Leschten Training

Déi 1. Editioun vum Street-Workout, organiséiert vun der Noumer Sportskommissioun, war e vollen Erfolleg! 31 motivéiert Leit aus eiser Gemeng hate sech ageschriwwen fir matzemaachen. D'Wieder war heinsdo ze reener, heinsdo vill ze waarm, awer meeschtens hunn emmer e puer Motivéierter deelgeholl. Den Training gouf gehal vum Jason Van Eckerem vun PTA (Personal Training Academy) aus der Fuussekaul. Mir freeën eis schon op eng Neioplage!

Beneficer vum Street-Workout-Programm

De Street-Workout Programm kann e wesentleche Wäert fir d'AwunnerInnen a fir eis Gemeng als Ganzt bréngen:

Fir d'BiergerInnen:

- Gesondheet a Wuelbefannen: Reegelméisseg kierperlech Aktivitéit stäerkt d'Konditioun, Mobilitéit, d'Resilienz géint Stress an d'Gesondheet allgemeng.
- Niddreg Participatiounsbarriären: Street-Workout erfuerdert keng Virkenntnesser a ka vun all Altersgrupp matgemaach ginn.
- Accessibilitéit: Duerch d'Rotatioun tëscht de verschiddenen Uertschaften ass den Training bequiem fir jiddwereen z'erreechen.
- Gemeinschaftsgefill: D'Séancen an der Grupp stäerken den Zesammenhalt an d'sozial Verbonnenheet.
- Sécher a professionell geleet: Mat engem forméierte Trainer ass d'Qualitéit a Sécherheet garantéiert.

Fir d'Gemeng:

- Valoriséierung vun de bestoenden Outdoor-Fitness-Installatiounen, déi domat aktiv a siichtbar genotzt ginn.
- Präventiv Gesondheetsaarbecht, déi laangfristeg Käschte reduzéiere kann an d'Liewensqualitéit an der Gemeng verbessere kann.
- Positiivt Image: Eng aktiv a gesondheetsfrëndlech Gemeng wisst un Attraktivitéit fir Familljen.
- Stärkung vum lokale Liewen: Aktivitéiten, déi iwwer déi verschidde Uertschaften verdeelt sinn, droen zu enger gewëssener Dynamik bäi tëscht allen Awunner.
- Engersäits strukturell Kontinuitéit an andersäits Innovatioun: De Projet féiert d'Aarbecht vun der viregter Sportskommissioun weider a setzt gläichzäiteg modern Trainingstrends ëm.



SPORT A JUGENDKOMMISSIOUN
NOUMER

Kommissioun Vivre-ensemble

Spillerowender vun der Commission du vivre ensemble interculturel

Eloasset under Zäit, ekleng Bilan vunde Spillowenter zemaachen. D'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Noumer an elo Kommissioun- du vivre ensemble interculturel genannt huet sech am Joer 2025 Gedanke gemaach, wéi ee Leit aus der Gemeng, jonk an al, zesummebréngen kann. De Spillerowend ass dunno zréckbehalen an och ëmgesat ginn. Bis elo sinn et 4 Editiounen dovun ginn an zwar den 8. Mee 2025, den 3. Oktober 2025, de 24. Abrëll 2026 an de 26. Juni 2026. De 24. Abrëll hate mir de Spillerowend an Zesummenaarbecht mam Schoulcampus Gemeng Noumer, déi hir Ausstellung „Noumer Aart“ an der Schoul an am Noumer Keller organiséiert haten.

Vill verschidde Leit koumen aus der Gemeng an auswäerts fir matzespillen. All Alter war vertraut an all Zort vu Spiller och gespillt ginn. Nieft Schach sinn och divers Kaartespiller an natierlech och Brietspiller gespillt ginn.

Merci nach mol de Veräiner, déi de Comptoir gemaach hunn, datt keen erhéngert an erdiichtert ass. Mir wäerten déi Aktivitéit gär weiderféieren a géifen eis och op äre Besuch freeën.

Am Prinzip hale mir Spillowenter am Paschtoueschaff zu Kruuchten an d'Veräiner kënnen sech elo scho mellen, wa se wëllen derbäi sinn. Och wann d'Léit nach Umierkungen hunn, kënnen se déi gär duerchginn. Bei der Kommissioun oder der Gemeng. Déi nächst Spillowenter si fir den 25. September an den 20. November geplangt.

fir Kommissioun-Vivre Ensemble

Fotoen: Classen Alphonse

Text: Classen Alphonse



Soirées jeux de la Commission du vivre ensemble interculturel

Il est maintenant temps de faire un petit bilan des soirées jeux. La Commission d'intégration de la Commune de Nommern, désormais appelée Commission du vivre ensemble interculturel, a réfléchi en 2025 à la manière de réunir les habitants de la commune, jeunes et moins jeunes. L'idée d'organiser une soirée jeux a alors été retenue et mise en œuvre.

Jusqu'à présent, quatre éditions ont eu lieu : le 8 mai 2025, le 3 octobre 2025, le 24 avril 2026 et le 26 juin 2026. Le 24 avril, nous avons organisé la soirée jeux en collaboration avec le campus scolaire de la Commune de Nommern, qui avait organisé son exposition « Noumer Aart » à l'école et au « Noumer Keller ».

De nombreuses personnes de la commune et des environs sont venues participer. Tous les âges étaient représentés et toutes sortes de jeux ont été proposés. Outre les échecs, différents jeux de cartes ainsi que, bien entendu, des jeux de société ont été joués.

Nous remercions encore une fois les associations qui ont tenu le comptoir et veillé à ce que personne ne reste sur sa faim ou n'ait soif. Nous souhaitons poursuivre cette activité et nous nous réjouissons déjà de vous accueillir à nouveau.

En principe, les soirées jeux ont lieu au Paschtoueschhaff à Cruchten. Les associations qui souhaitent participer peuvent d'ores et déjà prendre contact avec nous. Les habitants qui ont des remarques ou des suggestions sont également invités à nous les faire parvenir, soit auprès de la commission, soit auprès de la commune.

Pour la Commission du vivre ensemble interculturel

Photos: Classen Alphonse

Texte : Classen Alphonse





Co-funded by
the European Union



Partage de l'électricité : une utilisation optimale de ma production d'électricité renouvelable

Les énergies renouvelables constituent une solution durable pour l'approvisionnement en électricité. Toutefois, une installation solaire individuelle n'est pas envisageable pour tous. Le partage d'électricité offre une alternative intéressante : les citoyens peuvent ainsi utiliser l'électricité produite collectivement et réduire ainsi leurs coûts.

Dans cette optique, il existe trois modèles de consommation de l'électricité produite :

1. **L'autoconsommation individuelle** consiste à utiliser directement l'électricité produite par une installation solaire. Le surplus est injecté dans le réseau, avec pour objectif principal de maximiser sa propre consommation
2. **Autoconsommation collective** : l'électricité produite par une installation solaire est partagée entre plusieurs consommateurs situés à proximité immédiate. Cela peut être intéressant, par exemple, pour les immeubles à appartements, car cela optimise l'utilisation de l'électricité solaire.

3. **Communautés énergétiques** : les communautés énergétiques vont au-delà de l'autoconsommation collective, elles permettent de partager l'électricité produite localement ou régionalement avec d'autres consommateurs.

Qu'est-ce qu'une communauté énergétique ?

Les communautés énergétiques sont des regroupements de personnes qui produisent, utilisent et se vendent mutuellement de l'électricité. Les producteurs qui investissent dans des installations photovoltaïques peuvent ainsi vendre leur surplus d'électricité à d'autres membres de la communauté ou s'associer à d'autres producteurs afin de mieux utiliser l'électricité solaire et d'augmenter la rentabilité de l'installation.

La création d'une communauté énergétique se fait en quelques étapes seulement : les membres s'associent pour former une société, règlent les conditions financières et concluent un accord avec le gestionnaire de réseau. Il n'est pas nécessaire d'apporter des modifications techniques aux installations.

Il existe deux types de communautés énergétiques :

- **communauté énergétique locale** : l'électricité est échangée entre les participants qui sont distants de 300 mètres maximum les uns des autres. Il n'y a pas de frais d'utilisation du réseau (tarif réseau).
- **communauté énergétique nationale** : les membres peuvent participer indépendamment de leur emplacement, mais les frais usuels d'utilisation du réseau s'appliquent.

Retrouvez plus d'informations sur klima-agence.lu/communaute-energetique ou contactez votre conseiller Klima-Agence pour réussir votre projet de production d'électricité renouvelable.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Conseil indépendant et gratuit
klima-agence.lu • 8002 11 90



Strom teilen: So nutze ich optimal meine erneuerbare Stromproduktion

Erneuerbare Energien sind eine nachhaltige Lösung für unsere Stromversorgung. Doch nicht jeder kann eine eigene Photovoltaikanlage installieren. Hier bietet das Teilen vom Strom eine interessante Möglichkeit: Sie ermöglichen es Bürgern, einzeln oder gemeinsam erzeugten Strom effizient zu nutzen und so ihre Kosten zu senken.

In diesem Zusammenhang gibt es 3 Modelle für den Verbrauch des erzeugten Stroms:

1. **Individueller Eigenverbrauch:** Der von der Solaranlage erzeugte Strom wird selbst genutzt. Überschüsse werden ins Netz eingespeist, wobei der Schwerpunkt auf der Maximierung des Eigenverbrauchs liegt.
2. **Kollektiver Eigenverbrauch:** Mehrere Abnehmer in direkter Nähe teilen den erzeugten Strom. Dies kann zum Beispiel bei Mehrfamilienhäusern interessant sein, da es die Nutzung des Solarstroms erhöht.
3. **Energiegemeinschaften:** Energiegemeinschaften gehen über den kollektiven Eigenverbrauch hinaus. Sie ermöglichen es, lokal oder regional erzeugten Strom mit anderen Verbrauchern zu teilen.

Was ist eine Energiegemeinschaft?

Energiegemeinschaften sind Zusammenschlüsse von Personen, die gemeinsam Strom produzieren, nutzen und untereinander handeln. Erzeuger, die in Photovoltaik-Anlagen investieren, können so überschüssigen Strom an andere Mitglieder der Gemeinschaft verkaufen oder sich mit anderen Erzeugern zusammenschließen, um eine bessere Nutzung des Solarstroms und eine erhöhte Rentabilität der Anlage zu erreichen.

Für die Gründung einer Energiegemeinschaft sind nur wenige Schritte nötig: Die Mitglieder schließen sich in einer Gesellschaft zusammen, regeln die finanziellen Rahmenbedingungen und schließen ein Abkommen mit dem Netzbetreiber.

Technische Änderungen an den Anlagen müssen nicht vorgenommen werden. Zwei Varianten von Energiegemeinschaften stehen zur Auswahl:

- **Lokale Energiegemeinschaft:** Strom wird zwischen Teilnehmern ausgetauscht, die maximal 300 Meter voneinander entfernt sind. Die Netznutzungsgebühren (Netztarif) entfallen.
- **Nationale Energiegemeinschaft:** Mitglieder können unabhängig vom Standort teilnehmen, allerdings fallen für den Verbrauch die üblichen Netztarife an.

Mehr Informationen unter klima-agence.lu/de/energiegemeinschaft oder wenden Sie sich an Ihren Klima-Agence-Berater, um Ihr Projekt zur Erzeugung erneuerbarer Energie erfolgreich umzusetzen.



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Unabhängige und kostenlose Beratung
klima-agence.lu • 8002 11 90

Ecole du Goût



Eine natürliche Konservierung voller Leben

Die Milchsäuregärung von Gemüse

Bei der Milchsäuregärung durchläuft das in luftdichten Behältern gelagerte Gemüse einen natürlichen Umwandlungsprozess: Die vorhandenen Bakterien vermehren sich, bauen die enthaltenen Zucker ab und produzieren Milchsäure. Das Milieu wird dadurch allmählich sauer, was das Wachstum wertvoller probiotischer Bakterien begünstigt.

Die Vorteile nützlicher Bakterien

Tatsächlich gelangen diese Bakterien, wie beispielsweise Laktobazillen, nach dem Verzehr in unseren Verdauungstrakt, der bereits von Milliarden von Mikroorganismen besiedelt ist, die die Darmflora bilden. Probiotika tragen dazu bei, dieses Gleichgewicht aufrechtzuerhalten oder wiederherzustellen, indem sie das Wachstum schädlicher Bakterien hemmen und die Vermehrung nützlicher Bakterien fördern. So tragen sie zu einer gesunden Verdauung bei. Darüber hinaus wirken sie sich positiv auf unser Immun- und Nervensystem aus, die beide eng mit dem Darm verbunden sind. Die Fermentation verbessert zudem die Verdaulichkeit der Lebensmittel und kann die Aufnahme bestimmter Nährstoffe fördern.

Typische Aromen

Fermentiertes Gemüse wie Sauerkraut sowie Rote Bete, Karotten, Steckrüben, Zwiebeln, Sellerie, Zucchini oder Pilze zeichnet sich durch ihren säuerlichen, manchmal leicht salzigen Geschmack aus. Je länger die Gärung dauert, desto stärker entwickeln und intensivieren sich die Aromen.

Fermentierte Schätze aus dem Garten

Zutaten für 2 Gläser von 500 ml

2	Zwiebeln
2	Karotten
1	Rote Bete
300 g	Weißkohl
8	schwarze Pfefferkörner
4	Lorbeerblätter
1,5 L	lauwarmes Wasser
45 g	Salz

The logo for 'Ecole du Goût' features the word 'Ecole' in a dark blue serif font with a small green leaf icon above the 'e'. Below it, 'du' is in a smaller dark blue font, and 'Goût' is in a larger dark blue font with a small orange icon above the 'u'.

Zubereitung

Die Zwiebeln schälen und in feine Scheiben schneiden.

Die Karotten, die Rote Bete und den Weißkohl gründlich putzen, waschen und ebenfalls in Scheiben schneiden.



In zwei saubere Gläser abwechselnd Schichten aus Gemüse, Pfefferkörnern und Lorbeerblättern einfüllen. Oben etwa 2 cm Platz lassen, damit die Gärung ausreichend Raum hat.

Die Salzlake zubereiten, indem das Salz in 1,5 Litern lauwarmem Wasser aufgelöst wird. Gut verrühren und anschließend über das Gemüse gießen, bis alles vollständig bedeckt ist. Das Gemüse vorsichtig andrücken, um Luftblasen zu entfernen. Falls nötig, mit einem großen Kohlblatt, einer halben Zwiebel, einem Gärgewicht oder einem umgedrehten kleinen Teller beschweren, damit das Gemüse vollständig unter der Flüssigkeit bleibt.

Die Gläser luftdicht verschließen und mindestens fünf Tage bei Raumtemperatur gären lassen. Direkte Sonneneinstrahlung dabei vermeiden. Für ein intensiveres Aroma idealerweise etwa zwei Wochen fermentieren lassen. Anschließend im Keller oder an einem kühlen Ort aufbewahren.

Das fermentierte Gemüse als Beilage zu warmen oder kalten Gerichten sowie zu Salaten genießen und dabei die wertvollen Vorteile der Fermentation nutzen.

Tipp: Das Glas nach jedem Gebrauch gut verschließen. Sinkt der Füllstand unter zwei Drittel, das Gemüse in ein kleineres Gefäß umfüllen, um den Kontakt mit Luft zu verringern, da diese die Schimmelbildung begünstigt.




Nordstadjugend

Zanter dem 1. Februar 2026 garantéieren d'Edicateure vum „Regionale Jugendservice“ vun der NOJU wéchentlech dëschdes vu 16h00-19h00, während der Schoulzäit, a vu 15h00-18h00 während de Vakanzen am Paschtoueschhaff zu Kruuchten d'Renconter fir déi Jonk tëscht 11 a 26 Joer!

Fir d'Renconter, muss ee sech net umellen, mee et kann een einfach laanscht luusse kommen. Desweideren, wann dir wëllt u flotten Aktivitéiten an a ronderëm är Gemeng deelhuelen oder souguer an eng Kolonie fueren, da besicht eis gären a mir plangen zesummen är Fräizäitaktivitéiten.

Weider Informatiounen fannt dir op noju.lu oder op eisem Instagram-Account [nordstadjugend](https://www.instagram.com/nordstadjugend). Dëst Joer ware mir mat eisen Animateuren op der Nuit du Sport de 6. Juni an der Fiels vertrueden an hunn do eis typesch Challenges ugebueden. Dës goufe vu jonk a manner jonk besicht a mir hunn eis spilleresch a mat ganz vill Spaass sportlech betätegt. Och d'Animateuren, esou wéi d'Edicateuren hu fläisseg matgemaach!



(Fotoen an Text: Kox Gabrielle)

Wann Dir an der Gemeng Noumer en Event organiséiert an lech nach e Stand, eng Aktivitéit oder Animatioun feelt, da mellt lech gäre bei eis iwwert regioun@nordstadjugend.lu oder sicht lech déi passend Offer eraus, op eisem Internetsite: www.animateur.noju.lu

ANDY FRISCH



Ech engagéiere mech an der Jugendarbecht, well ech gäre mat Jonke schaffen an hir Interessen a Wënsch ënnerstëtze wëll. Mir ass et wichteg, hinnen de Courage ze ginn, hir eegen Iddien auszedrécken an zesumme mat hinnen Aktivitéiten a Projeten ze entwéckelen, déi si wierklech interesséieren an op déi si Loscht hunn.

MENG ROLLEN

Opsichend Jugendarbecht
Kontaktopnam mat de Jonken

Identifizéiere vun de
Bedierfnisser vun de Jonken

Projete mat/fir di Jonk
organiséieren a realiséieren

Jonker stäerken a si an hirer
Entwecklung begleeten

MENG GEMENGEN

Ärenzdall
Beefort
Noumer
Waldbëlleg

KONTAKT

andy@noju.lu
Tel.: +352 691 80 91 47

GABRIELLE KOX



Ech engagéiere mech an der Jugendarbecht, well ech dovunner l'werzeegt sinn, dass all Mënsch, onofhängeg, vu sengen Entscheedungen, eppes Wäertvolles matbréngt, oft verstoppt hannert schwierigen Erfahrungen. Dobäi ass fir mech e Begënnen op Aanhéisch besonnesch wichteg. Ech gesinn déi Jugendlech an huelen si an hierer Realitéit eescht, woubäi ech hinnen ëmmer mat Respekt a Wäertschätzung begënnen.

MENG ROLLEN

Responsabel vum
Regionale Jugendservice
Workshopen a Formatiounen
Erasmus+ Projeten

Projete mat/fir déi Jonk
organiséieren a realiséieren

Opsichend Jugendarbecht

Entwecklung vum
pädagogesche Konzept

MENG GEMENGEN

Aerenzdall
Beefort
Bettenduerf
Noumer
Reisduerf
Waldbëlleg

KONTAKT

gabrielle@noju.lu
Tel.: +352 691 80 91 71

Bühn93

Gelongenen Theaterowender zu Cruchten am Centre culturel

Un zwee verschidde Weekender am März huet den Theaterveräin Bühn 93 erëm alles ginn an eng flott Komödie an 3- Akte gespillt. Och dëst Joer konnt „de Ladysitter“ vum Bernd Spehling de Sall fëllen an esou waren d'Plazen op eemol ganz séier ausverkaf.



D'Stéck konnt net nëmmen d'Theaterowender selwer iwwerzeegen, mä war och doriwwer eraus scho während de Prouwen immenslëschtég. Seelen ass während de Prouwen esou vill gelaacht a geheckst ginn ewéi dëst Joer. Besonnesch flott war et dann och, datt e puer nei Leit de Wee bis op d'Bühn fonnt hunn an neie Wand matbruecht hunn.

No enger Liesprouf, 23 Prouwen an enger Gernalprouf ass de Riddo virun engem gutt gefëllte Sall opgaangen - bis op deen Owend, wou en hänkebliwwen ass,- mä och dat huet näischt un der Stëmmung geännert. Véier Owender hu mir flott Stonnen am Sall verbruecht an de Publikum krut eng ënnerhalsam Geschicht mat villen Iwwerraschungen, Mössverständnisser a flotte Verwiesslunge gebueden. Esou konnt „de Ladysitter“ fir vill Laachen an eng excellent Stëmmung am Sall suergen.



Mir soen eisem Publikum villmools Merci an hoffen, datt mir eis och d'nächst Joer den 12, 13, 19 oder 20. März erëmgesinn an zesammen eis Laachmuskele strapazéieren. Vergiesst net, Är Plazen esou fréi wéi méiglech ze reservéieren.

Fotoen: CREATIVE SHORE
(Tatiana Alves)
Text: Bühn93

Eis Beem loosse sech weisen!



📍 Pyrus sp. / Poirier / Bierebam
Savelborn

Entdeckt eis
„Arbres remarquables“
an hëlleft, eisen
natierleche Patrimoine
ze schützen!

Kennt och Dir **e Bam**, dee besonnesch
schützenswäert wier? Da mellt eis en!



Méi Informatiounen:

arbresremarquables.lu



Administration
de la nature et des forêts
Grand-Duché de Luxembourg

Wëlt
Lëtzebuerg
WILT LUXEMBOURG sauvage



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Elterevereenegung



Mam Vëlo an d'Schoul 2026


> 3 Wochen
> 732 Trajeten
> 3600 Km
a ganz vill Spaass!!





Rallye wéi fréier

Eise Rallye war e Succès, Kleng a Grouss haten de ganzen Dag Spaß bei ville verschiddenen Aufgaben. Déi 3t Gewënnerekip krut e LuxembourgPass, déi 2t krute Bongen fir de Camping Noumerlayen an dei 1t kruten Tickets fir an de Walygator! Heivir soë mir eise Sponsoren e grouss Merci! Mir freeën eis schon op eng nächst Editioun!





Dëst Joer hate mir am Juni
fir déi 4. Kéier
Erzielkonscht mam Betsy
Dentzer. A wéi all Kéiers,
konnte Grouss a Kleng de
wonnerbare Geschichten
nolauschten! Mir freeën
eis op eng
Jubiläumseditioun
d'nächst Joer!



19/6/26



DT Noumer

Den DT Noumer kuckt op eng ganz flott Saison zeréck

Op eisem 12. Tournoi Europacamping Nommerlayen hate mir den 08.11.2025 169 Participanten. Och op den aneren Tournoien hunn eis Spiller sech ganz gutt geschloen.

TOURNOIS-RESULTATER

2e Tournoi de la Commune de la Vallée de l'Ernz 14.09.2025 - DT Miedernach

Catégorie D3

2. Morgado Léon (vun 6)

12. Tournoi Europacamping Nommerlayen 08.11.2025 - DT Noumer

Catégorie D3

3. Buchler Pol (vun 17)

Catégorie B3-C1

3. Schiltz Claude (vun 12)

Grand-Prix Sezam Ell 07.12.2025 - DT Ell

Catégorie D3

2. Buchler Pol (vun 13)

3e Tournoi ADATT 21.12.2025 - ADATT

Catégorie D3

1. Buchler Pol (vu 14)

27. Silvester Jugendtournoi 27.12.2025 - DT Recken

Catégorie Individuel PrM/MIN/CAD D2

2. Buchler Pol (vun 26)

GP AXA 2026 vum DT Lënster 04.01.2026 - DT Lënster

Catégorie C1-C2

3. Schiltz Claude (vun 21)

Catégorie B3-C1

3. Gruen Lukas (vun 28)

7. Tournoi Camille Gira 21.02.2026 - DT Biekerech

Catégorie D2-D3

3. Morgando Léon (vun 32)

2. Kordaller Jugendtournoi 28.03.2026 - DT Kordall

Catégorie POU-BJM D1-D2

1. Morgado Léon (vu 4)

18e Grand-Prix Waarkdall 01.05.2026 - DT Groussbus-Mäerzeg

Catégorie D3

2. Schiltz Camille (vu 15)

Catégorie D31-D2

3. Morgado Léon (vu 34)

4e Grand Prix Guido Tomassini pour Jeunes (2026-05-30) - DT Diddeleng

Category PrM-JUN D1

3. Morgado Léon (vun 13)

F L T T - Ladies-&-Girls Day 2025/2026 (2) : Kategorie D3, 5. Schiltz Camille (vun 22)

EKIPPEN

Bei eisen Ekippen ass ervirzehiewen, dass déi éischt Ekip et gepackt huet, an der Divisioun ze bleiwen. Mee surtout déi drëtt Ekip huet et an engem krasse Schlusssprint geschafft, aus der 6. Divisioun erauszeklammen.

Besonnesch remarkabel hunn déi vill Jugendspiller gespillt! Ënnert der Leedung vum Trainer Paulo Portelada hu si et fäerdegbruecht, zweemol eng Divisioun ze klammen

Seniors Noumer 1 : R1 Div 3 Dis 2 7 vun 10

Seniors Noumer 1 : R2 Div 3 Dis 2 6 vun 10—> D3

Seniors Noumer 2 : R1 Div 4 Dis 6 8 vun 10

Seniors Noumer 2 : R2 Div 4 Dis 6 10 vun 10—> D5

Seniors Noumer 3 : R1 Div 6 Dis 1 13 vun 17

Seniors Noumer 3 : R1 Div 6 Dis 3 4 vun 21—> D5

Cadets Noumer 1 : R1 Div 3 Dis 2 5 vu 6

Cadets Noumer 1 : R2 Div 3 Dis 2 3 vu 6

Cadets Noumer 1 : R2 Div 3 Dis 2 2 vu 6

Cadets Noumer 2 : R1 Div 4 Dis 2 1 vu 6

Cadets Noumer 2 : R2 Div 3 Dis 1 6 vu 6

Cadets Noumer 2 : R2 Div 4 Dis 3 4 vu 6

Minimes Noumer 1 : R1 Div 3 Dis 6 4 vu 4

Minimes Noumer 1 : R2 Div 4 Dis 4 à venir

Jeunes Noumer 1 : R1 Div 4 Dis 3 1 vu 4

Jeunes Noumer 1 : R2 Div 3 Dis 5 à venir

Sportifs méritants:

Championnats Seniors Noumer 3 Division 6 : Montée en Division 5

Joueurs de l'équipe 3 :

SCHILTZ Camille, MORGADO Leon, BUCHLER Pol, BACK Lisi, BUCHLER Charel, FOHL Charel, BIVER Lena, PELTZER Jean, FOHL René, DIDERRICH Jo-Anne, KIEFFER Marcel

Championnats Cadets R1 Noumer 2 Division 4 District 3 Montée en Division 3

Joueurs de l'équipe:

BUCHLER Charel, PIRES Yannick, BUCHLER Rick, SCHILTZ Camille, BUCHLER Pol, BRAUN Julie

Championats Jeunes Noumer 1 Division 4 District 3 Montée en Division 3

Joueurs de l'équipe:

MORGADO Leon, BUCHLER Charel, BUCHLER Rick



25 Spiller hunn un de Championnatsmatcher deelgeholl. Dovunner sinn 10 Spiller eng Kategorie geklommen:

den Daan Losch, d'Camille Schiltz, de Rick Buchler, de Pol Buchler, de Yannick Pires an de Charel Buchler si vun D3 op D2 geklommen.


De Leon Morgado ass souguer direkt weidergezu bis op D1. Leider geet de Leon déi nächste Saison an en anere Club spillen. Mir wënschen him alles Guddes op sengem Wee!

De Marcel Kieffer (vun C3 op C2) , de Max Metz an de Philippe Metz (vun C2 op C1) sinn allen dräi och eng Kategorie geklommen.

Och um kulturellen Agenda war den DT Noumer présent. Eisen Afterwork am Café Miny zu Noumer war e grouse Succès, den traditionelle Meekranz gouf wei ëmmer mat engem Grillfest begleet an och bei der Nuit du Sport 2026 ware mir dobäi, fir de Leit d'Freede vum Dëschttennis ze weisen.

Text a Fotoen: DT Noumer





Entdeckt elo déi nei Episode vun eiser Videoserie

a léiert d'Regioun
aus engem neie

Bléckwénkel kennen.

7 Episode sinn am Kader

**vum Interreg-Projet
„Sous nos pieds“**

entstanen.



www.naturpark-mellerdall.lu

naturparkmellerdall

naturpark.lu

Naturparke Luxemburg

Museksfrënn

Merci iech all

Virwuert

Dräi Museken, eng Harmonie, dat war de Slogan wou d'Museke vu Baastenduerf, Colmar-Bierg a Noumer hir Frëndschaftsconcert'en den 9. Mee zu Tandel, de 6. Juni zu Colmar an zu gudder lescht den 13. Juni 2026 zu Schous gespillt haten.

E Projet d'äin zustane koum ass well déi 3 Museken de selwechten Dirigent hunn. Säit engem Joer lafen Planunge fir dëse Projet. An der UGDA ënnert dem Concert Nation al pour Harmonies et Fanfares 2026. Noumer Musek huet an hirer Gemeng no enger gudder Platz gesicht fir hire Concert ze spillen, awer ouni Succès. Merci dofir un Gemeng Fëschbech, dass mir den 13. Juni de leschte Concert zu Schous am Veräinshaus spille konnten. Dëst ass zustan komm doduerch, dass déi zwou Gemengen eng gutt Relatioun zueneen hunn an Buergermeeschtesch vun Noumer an de Buergermeeschter vu Fëschbech sech gutt verstinn.

Eng Erausfuerderung un alleguer

En neie Sall, een neit Ëmfeld, eng Bün fir bal 90 Musikanten, eng ugepasste Belichtung, de Ravitaillement, nëmme Still oder Dëscher matt Still am Sall, dat Alles huet sech an der leschter Woch esou guer an de leschte Stonne virum Concert entscheet. Esou war Mëttwoch's den 10. Juni um 8 Auer Moies nach näischt opgeriicht an Owes um 19h30 ass schonn Generalprouf ofgehale gi. Merci och un Gemengeservicer vun déinen zwou Gemengen.



Zum Concert



E Concert déi vun den 3 Museken op 3 Plazen matt dem selwechte Programm opgeféiert ginn ass an et fäerdeg bruecht huet Säll op déinen Platze gutt an zu Schous (et war ëmmerhin de leschte Concert) esou nach enger ganz gutt ze fëllen ass schonn net schlecht. Wien hätt dat am Virfeld geduecht gehat. De Programm déin déi 3

Museken erausgesicht haten war schonn usprochsvoll an ass och ganz gutt bei de Leit ukomm. Den Applaus déi Musikant/innen dofir kritt haten war formidabel gewiescht. Dofir huet den Orchester déi eng oder déi aner Zugab misste spillen.



E grouse Merci



Nom Merci, vun eiser Presidentin Joelle Hirtz un déi zwou Gemenge fir hir Ënnerstëtzung, dem Dirigent Maxim Volgin fir seng Gedold bei déine ville Prouwe fir dess Concert'en, dem Doris Zangerlé fir hir super Präsentatioun, der UGDA fir hiren Appui am Kader vum Concert National pour Harmonies et Fanfares 2026, der Madame Claudine Kettel fir hier Präsenz als Verrieder vum Verwaltungsrot vun der UGDA, alle Leit déi déi 3 Concert'en lauschtere komm sinn an domat Museken och ënnerstëtzt hunn, alle Leit déi eng Hand

ugepackt haten am Service an der Keess a.s.w., dem Organisationscomité fir dës Concert'en an zu gudder Lescht nach eng Kéier e ganz grouse Merci un all Musikannt/innen vun den 3 Museke fir hir gutt Leeschtung a fir Duerhalen. Noumer Musek huet dann och e Kuch bake gelooss als Erënnerung un dës leschte Concert. De Kuch ass dann vun den 3 Präsidant/innen ugeschnidde ginn an duerno un all Musikannt/inn verdeelt ginn. Nom Concert konnte mir nach e puer flotter Stonnen an dem schéine Veräinshaus zu Schous op der Héisch verbréngen.

E grouse Merci geet awer och nach un de Lukas Grün vun **Video Media Grün** déin déi flott Ambiance während dem Concert am Bild festgehalten huet.

Hei dann e klengen Echantillon vu senge Biller während dem Concert.



Text: Alphonse Classen

Fotoen: Lukas Grün an Alphonse Classen

Mise en Page : Marguy Hilger

Amiperas



D'Sektoun Noumer kuerz virgestallt !

Eis Treffen fannen statt am Paschtoueschhaff zu Cruchten

Eis Aktivitéiten:

6 x am Joer eng Porte Ouverte, Mëttwochs ab 14:30 Auer
Feier zu Dräikinnedsdag, Grillfest, Mammen-a Pappendag,
Journée du Grand-Âge, Soirée Beaujolais, Chrëschtfeier

All Datumer fant Dir op der **Agenda** vun der Gemeng

Zousätzlech Infoen um Gsm 621 295 036

Kommt äis einfach mol eng Kéier besichen bei enger
Porte Ouverte, mir freeën äis op Äere Besuch

Schoul

SCHLUSS VUM SCHOULJOER AM CYCLE 4.1

RÉCKBLÉCK OP E PUER FLOTT AKTIVITÉITEN

AUSFLUCH AN DE WALYGATOR

E Freideg, 03. Juli si mir mat eise Jofferen an de Walygator gefuer. Mir hu moies den Zuch zu Cruchten geholl an deen ass bis a Frankräich an de Walygator gefuer. Mir haten e flotten Dag a konnte bei beschtem Wieder vun deene ville flotten Achterbunnen an aner Attraktiounen profitieren.



VISITE VUN DER SUPERDRECKSKESCHT



E Méindeg, 13. Juli hu mir d'SuperdrecksKëscht zu Colmar-Bierg besicht. Mir konnten duerch déi ganz Hal goen a kucken wéi déi verschidden Offäll sortéiert ginn. Mir waren iwwerrascht driwwer wéivill Offäll do landen. Mir kruten erklärt wéi mer den Offall trennen, awer och wéi mir all kënnen hëllefen einfach manner Offall ze produzieren.

No der Visite hu mir während eisem Picknick nach den Inten an de Schildkröten am Colmer Park nogekuckt.



ZELTEN HANNERT DER SCHOUL

Vun e Méindeg, 06. Juli op en Dënschdeg, 07. Juli hu mir bei eis hannert der Schoul, an der Wiss niewt der Maison Relais gezelt. Ab 18.00 Auer hu mir mat eisen Elteren an de Jofferen zesummen eis Zelter opgeriicht. Nom Opriichten hu mir gespillt. Duerno gouf et Sandwiches z'iessen. Mir hunn eis eise Sandwich selwer konnten zesumme stellen.



Deen Owend war och nach e flotte Match vun der Fussball-WM. Spuenien huet géint Portugal gespillt. Mir haten eis de Fernseh eraus an de Préau gestallt, soudass mir de Match dobausse konnte kucken.



SUMMER



Wéi et scho lang däischer war, si mir schloofe gang. Et hat nach e bësse gedauert, bis mer alleguerte konnten aschloofen, soudass et eng méi kuerz Nuecht war.



Moies ware mer duenn méi oder männer fréi wakreg an och méi oder männer fit. Dobaussen hu mir zesumme Kaffi gedronk. D'Maison Relais hat eis e Croissant an eng Schokelas Mëllech offréiert. Merci dofir!

Am Laf vum Dag goufen d'Zelter dann och zum gréissten Deel vun de Kanner ofgeriicht. D'Elteren hu nach de Rescht gemaach an d'Saachen ofgeholl. Merci och allen Elteren fir hier Hëllef!



Dat war Summerfeeling pur! Mir konnten eis elo op d'Summervakanz freeën!





Ausfluch vum Cycle 2 op de Camping Nommerlayen




De Cycle 2 huet e flotten Dag um Camping Nommerlayen verbruecht. Moies hunn si sech op der Spillplaz ameséiert an d'Rutsch ausprobéiert. Mëttes ass et dunn an d'Schwämm gaangen. Duerno krut jiddereen eng Glace, ier et nees an d'Schoul gaangen ass.







Kolonie vum Cycle 2.2 zu Iechternach




De Cycle 2.2 huet eng Nuecht an der Jugendherberg zu Iechternach um Séi geschlof. Während hirem Openthalt hunn si e Rallye duerch Iechternach gemaach, Minigolf zu Konsdref gespillt, sech um Trampolin ausgetoobt, d'Réimervilla besicht an sech op de Spillplazen zu Iechternach ameséiert. Et waren zwee flott Deeg mat vill Spaass a schéinen Erlebnesser!



Wibbel an Dribbel



De Cycle 2.2 huet um
Wibbel an Dribbel zu
Ettelbréck deelgeholl a vill
verschiedde Sportaarte
kennegeléiert an
ausprobéiert.






CREATE. EXPRESS. WIN.

an Art Competition for ages **12-29**
enter individually **or** as a group



What does **SOCIAL MEDIA** mean to YOU?



Create your vision.
Express it through art.



Any art form welcome
Video, Drawing, Sculpture, Poem, ...



1. REGISTER

bee-secure-.lu/art-challenge

2. CREATE YOUR ART

Submit by 13 December 2026

3. AWARD CEREMONY

16 February 2027
Forum Geesseknäppchen

Maison Relais Noumer

elisabeth
enfance

Beien



Den 20. Juli si mir op
Huelmes an de
Léierbeiestand gaangen. Do
hu mir geléiert wéi eng
Aarte vu Beien et gëtt a vu
wou den Hunneg hierkënnt.
Zum Schluss hu mir eng Zort
Hunneg geschmaacht.



Mir haten och
d'Geleeënheet eng
Käerz an een
Deckel fir eist Glas
aus Beienwuess ze
maachen.





FAARF PARTY - REEBOU EDITION

AN DER MAISON RELAIS



Op eiser Reebou Faarf Party hu mir vill
kleng Spiller gemaach an eis géigesäiteg
mat Kräidpudder beworf.

Hei konnten d'Kanner
hir eege kleng Reebou
Fläsche mat Salz a
Kräid herstellen.



elisabeth
enfance



An de leschte Méint hunn d'Kanner déi faszinéierend Welt vun den Insekten, den Déieren am Waasser an den Déieren um Bauerenhaff entdeckt. Mir hunn zesumme gedantz a Musek gemaach, gebastelt, vill Neies geléiert an entdeckt. Och spannend Ausflüch hunn eis erlaabt, d'Natur an hir kleng a grouss Bewunner nach besser kennenzeléieren. Et waren erliefnisträich Méint mat vill Freed a flotte Momenter!



E grouse Mercï un de Bauer Marc,
dee mir ëmmer erëm ganz gär
besichen!



BUTZENHAFF NOUMER

Sie haben mehr Obst an Ihren
Bäumen als Sie verwerten können?

Sie sind auf der Suche nach regionalem Obst,
wissen aber nicht, wo Sie dieses finden können?

KIERFCHEN.LU

DIE INTERAKTIVE PLATTFORM RUND UM OBSTBÄUME

kierfchen.lu verbindet Anbieter und Suchende –
schnell, einfach, kostenlos. Entdecken Sie auch
regionale Produkte, Bienenstellplätze,
Pachtflächen oder Erntemaschinen.



kierfchen.lu

Helfen Sie mit, unsere artenreichen
„Bongerten“ zu erhalten – ob als Erntehelfer,
Tierhalter, Konsument oder Produzent.



Betreut durch den Natur- & Geopark Mëllerdall mit Unterstützung des Umweltministeriums.

Parvereenegung

Den 18. Oktober 2026 ëm 16.00 Auer invitéiert d'Parvereenegung Gemeng Noumer a.s.b.l. Iech Häerzlechst op e Concert vun VoicEmotion.

Et erwaart Iech eng flott an dynamesch Chorale vu 40 Sängerinnen a Sänger aus dem ganze Land mat engem breede Repertoire vu klassesch bis modern.

VOICE EMOTION

Concert

18 Oktober 2026

Wat Iech erwart: e breede Repertoire u
klassesch bis modern Musek.

Entrée: 15€ / 8€

Ufank: 16:00

Kierch zu Kruuchten

Direktioun: Madeline Boonen

Um Piano: Christophe Nanquette

Méi Info: www.voicemotion.lu oder Facebook

Organisatioun: Parvereenegung Gemeng Noumer a.s.b.l.



Adventsfënsteren

Looss denger Kreativitéit fräie Laf.

Op der Sich no dir -egal ob Famill, Veräin, Associatioun, Schouklass, etc. - fir Fënsteren uechter d'ganz Gemeng fir d'Adventszäit festlech ze dekoréieren.

Mell dech bis de 15. November 2026 u per Mail op luc.watgen@nommern.lu oder per Telefon um 661403050.

Nom Prinzip vun engem Adventskalenner gëtt dann all Dag, vum 1. Dezember bis de 24. Dezember, eng Fënster vun 18 Auer un opgemaach. All Fënster huet eng Nummer, déi vun der Strooss aus gutt ze gesi soll sinn.

Fir ze drénken oder z'iesse ka gesuergt ginn, ass awer kee Muss.

Organiséiert vum Vivre-ensemble interculturel





+352 621 599 206



+352 50 77 74

www.kolping.lu➔ **18/09/2026****KLEEDERSAMMLUNG**

Stellt Äer Tuten, den Dag vun der Sammlung op den Trottoir, wou d'Sammeléquipe vun 8 Auer un passéiert.

Gesammelt gëtt: Propper a gutt Damen-Hären a Kannergezei, Schung (als Puer zesummegestréckt) Dëschdecken, Dicher, Bettsaachen, Ledersaache, Posche, Rimmer.

**COLLECTE DE VÊTEMENTS**

Prière de placer vos sacs bien fermés, le jour-même à partir de 8 heures sur le trottoir.

L'équipe de ramassage passe dans les rues.

Sont collectés: les vêtements propres et encore portables pour femmes, hommes et enfants, les chaussures (liées par paires), le linge de table, la literie et le linge de maison, les sous-vêtements et chaussettes propres, les vêtements en cuir, les ceintures et les sacs en cuir.

**CLOTHES COLLECTION**

Please place your bags tightly closed, on the pavement from 8 a.m. on the same day.

The collection team will pass through the streets.

We collect: clean, still-wearable clothes for women, men and children, shoes (tied in pairs), table linen, bedding and household linen, clean underwear and socks, leather clothes, belts and bags.

**CAMPANHA DE VESTUÁRIO**

Por favor, coloque os seus sacos bem fechados no passeio a partir das 8 horas do mesmo dia.

A equipa de recolha passará pelas ruas.

São recolhidos os seguintes artigos: vestuário de senhora, homem e criança, calçado (atado aos pares), roupa de mesa, roupa de cama e roupa de casa, roupa interior e meias limpas, vestuário de couro, cintos e sacos de couro.



SAVE THE DATE

**WINTERWARMUP
AFTERWORK
A 35 JOER
REITSTALL A MILLEN
DE 27. NOVEMBER AB 17
AUER AM REITSTALL**

Reitstall a Millen
6, Millebaach, Noumer
(kee Parking an der Wiss)



Bicherbus

vu 14:25 bis 15:10
zu Kruuchten op der Gare

17. September
8. Oktober
29. Oktober
19. November
10. Dezember

Service Bicherbus: 26 55 9 - 240
<https://bnl.public.lu>

